ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 14/11/2022

# Rapport vun der Kommissioun Relations Publiques 09/11/2022

## Presenzen

| Present | Net present |
|---|---|
| Paul Mangen | Nancy Jans (entschëllegt) |
| Nicole Kuhn-Di Centa | Claudine Michels (entschëllegt) |
| Patrick Ludwig | Patricia Pick (entschëllegt) |
| Mariette Lux-Pepin | Joske Vosman (enschëllegt) |
| Nathalie Simon | |
| Alison Sammut | |
| Anton Bozic | |

## Punkt 1 vum Ordre du Jour

- 1. Verbesserungsvirschléi ROI

Den ROI fir d'Kommissioune besteet zanter 2 Joer. Den 13. Oktober ass vun der Gemeng am Numm vum Schäfferot per Mail en Opruff un all d'Kommissiounen erausgaangen, fir Verbesserungsvirschléi fir d'Upasse vum ROI eranzereechen, dëst bis de 15. Dezember 2022 u secretariat@helperknapp.lu.

D'CCRP deet sech schwéier ze verstoen, wéi eng Ufuerderung de Schäfferot un eis huet an dofir lauschtert ee gemeinsam den Enregistrement vun der Séance publique vum Conseil Communal vum 18. November 2021 (Punkt 11. vum Odj – Commissions consultatives) https://app.box.com/s/uabkt2bsx1vs8fvn8r0bwcxau6pp5noj. De Schäfferot erwaart vum Präsident:in vun der Kommissioun am Virfeld aviséiert ze ginn, am Fall wou eng Persoun, déi net Member:in an der Kommissioun ass, an eng Reunioun vun der Kommissioun à titre consultatif zu engem aktuelle Sujet invitéiert gëtt.

D'Kommissioun ass der Meenung, esoulaang déi extern Persoun an hirer Funktioun als Expert:in kee Jeton resp. keng Remuneratioun dofir kritt, misst een der Kommissioun esouvill Handlung zourechnen, fir autonom kënnen ze funktionéieren am Interêt vum Sujet. D'Kommissioun mécht dofir eng éischt follgend Propose: am Fall wou eng extern Persoun onentgeldlech erugezu gëtt, fir zu engem bestëmmten Thema als Consultant(e) ze fungéieren, brauch de

Helperknapp, 14/11/2022

Präsident:in de Schäfferot net ze aviséieren, huet awer d'Obligatioun um ODJ vun der Reunioun deen Invité als Punkt: Invité oder Consultant, Expert, ze vermierken.

D'Kommissioun huet unanime decidéiert, fir eng zweet Propose ze maache wat d'Adaptatioun vum ROI ubelaangt. Am ROI huet d'Kommissioun d'Obligatioun der Gemeng de Rapport an engem Délai vu 14 Deeg no dem Datum vun der Reunioun ze iwwermëttelen. D'Kommissioun fënnt et wichteg, fir och dem Schäfferot en Delai ze proposéieren fir op d'Propose wou vun der Kommissioun ausgeschafft gi sinn ze reagéieren. En Delai vu 14 Deeg gëtt proposéiert no der Entrée vum Rapport op der Gemeng.

- 2. Divers

De Paul Mangen informéiert d'Kommissioun iwwert de Status quo vum nächste Gemengebuet. D'Gemeng schéckt den Draft an den nächsten Deeg pour Avis un d'Kommissioun. D'Kommissioun ass sech eenz, dass et net hir Aufgab ass fir Schreiwfeeler ze verbesseren, mee éischter fir iwwert den Inhalt ze kucken, dëst an engem acceptabelen Delai.

D'Kommissioun gëtt vum Paul Mangen a Kenntnis gesat iwwert eng Entrevue mat der Verkéierskommissioun iwwert d'Thema séchere Schoulwee.